N°2154
Entrée le 22.04.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel op déi parlamentaresch Fro n°2154 vum 26 Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

De Ministère huet kee spezifeschen Avis de voyage oder aner Reesrecommandatioune fir d'USA. De Ministère wäert weiderhin allgemeng alle Reesende recommandéieren fir sech genee iwwert d'Areesbestëmmungen an déi allgemeng Sécherheet vun hiren Destinatiounslänner ze informéieren, och wat de spezifesche Kontext vun LGBTQ+ Persoune betrëfft.

**Ad 2)**

D'Lëtzebuerger Ambassaden a Konsulater, respektiv aner Partnerlänner déi Lëtzebuerg vertrieden am Fall wou eist Land keng eege Vertriedung huet, sinn op d'Situatioun vun LGBTQ+ Bierger sensibiliséiert a stinn hinnen am Fall vu Problemer mat konsularescher Hëllef zur Säit.

De Ministère erënnert och un seng allgemeng Recommandatioun dass all Lëtzebuerger Bierger sech op der Plattform Lëtzebuerger am Ausland (LamA) registréiere soll, fir dass an Noutfäll de Kontakt mat hinnen erliichtert ass.

**Ad 3)**

D'Promotioun an de Respekt vun de Mënscherechter ass ee vun de fundamentale Pilieren vun der Lëtzebuerger Aussepolitik. Zesumme mat eise gläichgesënnte Partner wäert de Ministère sech weiderhi fir d'Rechter vun all Minoritéiten asetzen, souwuel um multilateralen Niveau wéi och a bilaterale Gespréicher.

Luxembourg, den 22. Abrëll 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel